



**Äntwert vun der Familljen- an Integratiounsministesch op d'parlamentaresch Fro n°7358  
vum Här Deputéierte Sven Clement iwwert d'Enquête vum LISER iwwert  
Situatioun vu Persoune mat Handicap**

**1)**

D'Zil vun dëser Ëmfro, déi online duerchgefouert gëtt, ass et un éischer Stell eng Bestandsopnam vun de bestoenden Hëllef a Mesuren ze maache vun deene Leit mat enger Behënnerung profitéiere kënnen. Gläichzäiteg geet et bei dëser Ëmfro dorëms auszewäerte wéi eng Leeschtungen an zousätzlech Mesuren zu Lëtzebuerg misste geholl gi fir eng Behënnerung auszgläichen.

D'Enquête iwwert d'Besoin vu Leit mat enger Behënnerung, déi an Zesummenaarbecht mam LISER duerchgefouert gëtt, wäert am Laf vum Januar 2023 lancéiert ginn. D'Resultater, déi dobäi eraus kommen, gi mat Donnéeën vun der Vollekszielung vun 2021 vum STATEC kombinéiert fir méi aussokräfteg ze ginn. Et handelt sech em eng wichteg Enquête, déi komplex a wäitreechend ass, sou dat d'Resultater net virun Enn 2023 ze erwaarde sinn.

Dës Resultater wäerten et erméiglechen iwwer adequat Statistiken zur Situatioun vu Leit mat enger Behënnerung hei am Land ze verfügen a wäerten esou de Recommandatioune vum Comité des Droits des Personnes handicapées vun der UNO nokommen. Sie wäerten eis och erlabe grouss Deeler vum Artikel 31 vun der UN-Behënnerterrechtskonventioun iwwer d'Statistiken an d'Datesammlung ze transposéieren.

**2)**

D'Resultater vun dëser Enquête wäerte selbstverständlech och den am Beräich vum Handicap aktiven Associatiounen zur Verfügung gestallt ginn. Eng aktiv Collaboratioun a Kommunikatioun mat de Leit vum Terrain ass fundamental fir d'Situatioun vun de Betraffenen ze verbessern.

**3)**

Opgrund vun der Envergure vun dëser Enquête, wäerten d'Resultater och dem breede Public zougänglech gemaach ginn.

Lëtzebuerg, den 06.01.2023

D'Ministesesch fir Famill an Integratioun

(s.) Corinne Cahen